Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30/10/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Landwirtschaft weiderzeleeden.

An menger parlamentarescher Fro n°1099 haat ech den Här Landwirtschaftsminister iwwer d'Asammele vun Déierekadavere gefrot. A senger Äntwert op de véierte Punkt gëtt de Minister mir d'Zuelen u verstuerwenen Déieren, déi eleng am Joer 2018 ofgeholl gi sinn. Heibäi ass unzemierken, dass, ënnert Anerem, an nëmmen engem Joer 12.437 Kaalwer ëm d'Liewe komm sinn. Dëst entsprécht 1000 Kaalwer de Mount, wat ouni weider Erklärungen eng besuergniserregend Zuel duerstellt.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Baséierend op den Zuelen aus der Äntwert op meng parlamentarescher Fro n°1099, aus wéi enge Grënn stierwen all Joer iwwerproportional vill Kaalwer am Vergleich zu den aaneren opgelëschteten Déieren?

2. Wéi héich ass de Mortalitéitstaux vun deenen opgelëschten Déieren?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député